PHOTO-ART

Titulaire(s) du cours : SCHUMMER Nadine, KIEFFER Jean-Paul
Classes et horaires : 1ère/2e - vendredi de 12h35 à 14h20

Finalités et objectifs de l'option

« Vum Motiv iwert de Film zur Foto »

Des Optioun wëll de Schüler an di faszinéierend Welt vun der analoger Schwaarz-Wäiss Fotografie aféieren. An eiser schnellliewеger digitaler Welt erlieft di klassesch analog Fotografie en neien Opschwong. Analog ze fotografféieren bedeit, sech Zäit huelen fir d'Motiv, d'Liichtverhältnisser, d'Kompositioun beim Fotografféieren an och beim Entwéckelen vun dëse Fotoen an der Dunkelkammer.

Programme

1. Theorie a Praxis: No enger kuerzer theoretescher Aféierung an d'Geschicht vun der Fotografie, léiert de Schüler de Fotoapparat mat senge Funktioune kennen (Blend-, Zäitastellung, Schärft, Déiwteschärft, di verschidden Objektiver, asw). Dono ginn schwaarz-wäiss Filmer (no engem festgelueten Thema) fotografféiert a selwer an der Dunkelkammer vum LGE entwëckelt, fir d'éischt den Negativ an dann, vun dësem, och d'Positiver, also d'Fotoen gezunn.

2. Deen artisteschen Deel: Niewend dem techneschen Basiswëssen, geet et och ëm deen artisteschen Deel vun der Fotografie: Wéi machen ech e gudde Cadrage, eng interessant Mise en scène? Wéi kann ech d'Qualitéit vu menger Foto an der Dunkelkammer optiméieren? Wéi präsentéieren ech meng fäerdeg Foten? Asw

3. Dat allgemengt Interesse un der Fotografie: Dëst soll och beim Schüler gefördert gin andeems mer Austellunge kucke gin, Fotografe kenneléieren, Zäitschréften a Bicher iwer Fotografie liesen, Concours matmaachen, asw.

Public cible et Méthodologie, déroulement

D'Optioun riicht sech un all 2e a 1res Schüler, déi Spaass an Interesse un der Fotografie hunn, gewëllt sinn hir eege Kreativitéit erauszefuerderen, gären konzentréiert an autonom schaffen an enger Atelierambiance. Des Optioun as haptsächlech praktesch orientéiert no der Method Learning by doing. Fir Schüler, déi op eng Konschtschoul wëlle goen as et sëcher e Plus, Kenntnisser an der analoger Fotografie ze hunn.